AMPHI OUVERT SERIE VII

22.02.2012 **Déi dräi Ethike vun haut**

D'Gewësse gëtt vun dräi Zorte vun Ethik bestëmmt: d'Ethik vun de Mënscherechter, d'Ethik vum Matgefill an den Utilitarismus. Dës dräi Ethike sinn ënnereneen net kompatibel a jiddwereng eleng ass net konsistent.

29.02.2012 **Den Doud vun den Ideologien tëscht 1939 an 1989**

De Faschismus, den Nazismus an de Marxismus-Leninismus a senge geographesche Varianten hunn a 50 Joer hiren Héichpunkt an hiert Enn gehat. - A mir?

07.03.2012 **Eng Philosophie vun Antiquairen**

Déi grouss Philosophen aus der Vergaangenheet – de Platon, den Hl. Thomas, Kant, Nietzsche an Heidegger – hunn Äntwerten op Froe vun hirer Zäit gesicht a fonnt. Mir fleegen hiert lerwen a bleiwe steril.

14.03.2012 **Fräiheet a non-dits**

Eis Gesellschaft wëll fräi sinn a baut een oppenen oder verstoppte Verrouillage nom aneren op, och wäit ewech vun Ungarn mat deem schlechte Ruff.

21.03.2012 **D'Welt kippt**

Ekologesch, ekonomesch a Finanzkrisen zeechnen eis e Bild vum „Ënnergank vun Europa" (Spengler). Mir kucken, erfouert an onentschloss einfach no.

*De **Paul Kremer** ass Dokter an der Logik vun der Sorbonne an huet bis zu senger Pensionéierung op der Universitéit Lëtzebuerg enseignéiert. Hien ass President vun der Commission nationale d'éthique a gëtt zanter Jore Kommentärer a Konferenzen um 92,5 an um 100,7. An engem vireschte Liewe war hie Schwarze Rimm am Karate an Triathlet. Säi lescht Buch,* Wende der Zeit, *ass 2011 bei den Editions Schortgen erauskomm.*

Jiddwereen ass am Amphi ouvert wëllkomm.
D'Universitéit stellt Atteste fir de Besuch vun de Coursen aus.